Association Générale des Cadres a.s.b.l.
affiliée à la CGFP
B.P. 665 L-2016 Luxembourg www.agc.lu mail@agc.lu

# Assemblée générale ordinaire du 16 mars 2023

## Allocution du président Steve Keipes

Dir Dammen an Dir Hären,
Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech wënschen iech e schéine gudden Owend. Ech wëll iech all perséinlech Merci soen datt Dir Iech Zäit geholl hutt fir op d'Generalversammlung vun der AGC lauschteren ze kommen.

Als éischt heeschen ech den fréieren laangjäregen AGC-Präsident Fernand Muller wëllkomm, deen ëmmer Stammclient op eiser Generalversammlung ass.

Natierlech begréissen ech och eisen Comitésmember Romain Wolff an sénger Funktioun als CGFP- an CHFEP- Präsident op dëser Plaz ganz häerzlech.

Eng Traditioun ass et mëttlerweil och schon datt den CGFP-Generalsekretär Steve Heiliger bei eis lauschteren kënnt. Du bass ëmmer bei eis wëllkomm!

Et ass och flott datt eis Beruffschamber haut op eiser Generalversammlung vertrueden ass. Dowéinst heeschen ech d'Deborah Lieggi an den Marc Poos hei an eisen Reien häerzlech wëllkomm!

Wann ech dann weider duerch de Sall kucken, wëll ech awer déi aktuell an all déi fréier Comitésmemberen déi fir d'AGC vill schaffen respektiv geschafft hunn op dëser Plaz net vergiessen.

Op der läschter Generalversammlung war de Krich an der Ukrain e Mount al. Deemols gouf gesot datt en schnell eriwwer wär. Lo e Joer mi spéit, no villen Grujelekeeten an nach méi Doudegen ass keen Enn ofzegesinn. Et kéint een suguer fäerten datt en nach jorelaang wärd daueren an dann kann een nëmmen hoffen datt et den Vladimir Putin sou wärd scheiteren wéi d'Sowjets an den 80er Joeren am Afghanistan. Jiddefalls ass et kloer datt de Krich am Häerz vun Europa

Auswierkungen op eist Land hat an nach huet. Déi generell Präisdeirecht, déi net iwwerall ze verstoen ass, an d'Klammen vun den Zënstauxen hunn dozou bäigedroen datt et fir vill Leit méi schwéier ginn ass fir finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen.

Fir eise Memberen an där Situatioun ënnert d'Äerm ze gräifen, huet den Comité sech am Hierscht 2022 Gedanken gemaach wat fir eng Initiativ een an deem Kontext kéint huelen. Duerch en Kontakt bei der Douanesgewerkschaft, hat d'AGC d'Geleeënheet fir mat der Firma Petro-Center s.a. iwwert Remisen op Bensin/Diesel an op den Heizmasutt kënnen ze verhandelen. Petro-Center s.a. ass eng 100% lëtzebuerger Firma, déi en Groussdeel vun den ESSO-Tankstellen hei am Land mat Sprit beliwwert an bei där een och Heizmasutt kann kafen. Un där ugestrieftener Partnerschaft huet keen finanziellen Impakt gehangen. Duerch all déi Fakten huet den Comité dann an der Réunioun vum 18. Oktober 2022 eestëmmeg décidéiert fir d'Offer vun Petro-Center s.a. unzehuelen. Well Petro-Center s.a. gefrot huet fir Ufank 2023 mat de Bestellungen vun den Tankkaarten unzefänken, ass den Informatiounsbréif un eis Memberen réischt den 15. Dezember 2022 verschéckt ginn. Bis elo hunn sech 222 Memberen fir eng Tankkaart aschreiwe gelooss. Dat ass e gudden Ufank! Fir all déi aner Memberen ass et net ze spéit. Mellt iech per E-Mail bei eis an da kënnt der och an de Genoss vun där Kaart kommen. Dëst ass den éischten Service, deen den Comité fir d'Memberen vun der AGC ugeholl huet. An där Optik wärd de Comité nach aner Offeren an Servicer préifen an dann entscheeden ob déi dem Member dann och kéint zegutt kommen oder net.

Am Hierscht 2022 war et dann rëm un der Zäit fir iwwer en neien Accord salarial nozedenken. D'CGFP huet an deem Kontext en duebelen Comité fédéral den 27. an 28. September 2022 zu Klierf organiséiert. Niewent dem sozialen an kollegialen Aspekt, ass do och gutt geschafft ginn. D'AGC war mat hiren 4 Déléguéierten op deem Rendez-vous vertrueden an huet dann och hir Fuerderungen op den Dësch geluecht. Duerno huet d'CGFP, wéi sech dat gehéiert, diskret mam Minister verhandelt. Et goufen keng grouss Téin wéi bei enger anerer grousser Gewerkschaft gespaut an och am Radio huet een sech näischt entlackelen gelooss. Den 09. Dezember 2022 war et dunn suwäit an et gouf der Conférence des comités restreinte en ausgehandelten Accord salarial virgeluecht. Et ass generell gesinn een Accord deen an d'Zäit passt. Aus der Siicht vun der AGC ass dëst Gehälterofkommes awer ganz erfreelech. Et stinn gläich 2 Fuerderungen dran déi mer am Viraus gestallt hunn: Den BTS-Diplom an Form vun enger Prime un z'erkennen an d'Bäibehalen vun der Voie expresse vum B1 an den A2. Den Daniel wärd a séngem Rapport am Détail op den Text agoen. Natierlech huet d'AGC fir den Accord gestëmmt an dësen gouf dann schlussendlech mat 98% vun de Stëmmen guttgeheescht. Ech wëll dem Romain an dem Steve sénger Équipe awer hei e grousse Merci soen datt eis Fuerderungen gelauschtert gi sinn, datt se an d'Verhandlungen matgeholl gi sinn an datt der se dem Minister schmackhaft gemaach hutt. Dat mécht eis frou an stolz an et rechtfäerdegt eist Vertrauen an den Bureau exécutif vun der CGFP!

Säit der läschter Generalversammlung ass d'Tripartite lo den 03. Mäerz 2023 fir drëtt an engem Joer zesummekomm. Do kéint een scho bal soen datt „aller guten Dinge drei" sinn, well déi 2 éischt d'Gemidder zimmlech beweegt hunn. Ménger Meenung no ass et ganz erfreelech datt dat typëscht lëtzebuerger Instrument besonnesch lo am Mäerz nach ëmmer gutt fonctionnéiert a mer am Géigesaz zu eisen Nopeschlänner den sozialen Fridden kënnen doduerch laangfristeg erhalen. Den Accord vun dëser Tripartite gesäit d'Bäibehalen vun den Mesuren vir déi an der läschter Tripartite vum September 2022 beschloss gi sinn, ausser déi vum Prozent TVA déi Enn dëses Joers wärd auslafen. Dobäi kommen ënner anerem een Steierkredit fir dëst Joer an endlech déi laang gefuerdert Upassung vum Steierbarême un d'Inflatioun fir 2024. Den Accord gouf dann den 06. Mäerz 2023 am Comité fédéral virgestallt an krut do och d'Zoustëmmung vun der AGC. Den Daniel wärd iech hei am läschten Punkt vum Ordre de jour, dem Divers, nach verschidden Saachen iwwert d'Tripartite zielen. An och hei muss een dem Romain an dem Steve sénger Équipe Merci soen fir dat gutt Resultat wat si fir eis an deenen Verhandlungen erausgeschloen hunn.

Superwaljoer! Dat Wuert hutt der sécherlech z'läscht dacks héieren. 2023 ass dann rëm sou eent! D'Gemengwalen déi den 11. Juni 2023 ofgehalen ginn, sinn fir jiddfereen vläit interessant, mä hunn fir d'AGC keng gréisser Bedeitung. Ganz anescht ass dat awer den 08. Oktober 2023 wann eng nei Chamber gewielt gëtt. Eppes schéngt sécher: op d'mannst eng vun den 3 Regierungsparteien wärd an der nächster Regierung nees dobäi sinn. Oder packt et Gambia eng drëtte Kéier d'Majoritéit ze kréien? Den Luc Frieden ass jo och „back for good" an huet lo 10 Joer méi Beruffserfahrung fir endlech op den Throun ze kommen. Et gëtt spannend an et ass den Wieler deen dat wärd décidéieren. Wéi virun de läschten Chamberswalen 2018, wärd den Comité vun der AGC och dës Kéier en Questionnaire ausschaffen deen am Fréijoer un all Partei wärd geschéckt ginn, déi an der Chamber vertrueden ass. Fir d'Rentrée sociale wärd den Comité all eis Memberen an enger neier Ausgab vum Inforum iwwert d'Äntwerten vun den Parteien informéieren fir datt sech jiddereen dat richtegt Bild virun de Walen ka man.

D'AGC war virun der Reform vun 2015 déi eenzeg Associatioun fir den Redakter. Et gouf zu där Zäit jo och nëmmen „een" Redakter. Mat der Reform vun 2015 huet sech dat geännert. Do gouf en groupe de traitement B1 mat engem sous-groupe administratif an engem sous-groupe technique agefouert. Dat war och gutt, well domadder vill Diplomer konnten unerkannt an Carrièren konnten reclasséiert ginn. D'AGC hat sech duerno an enger Statutenännerung 2016 dozou entscheed fir den B1 technique net als Member zouzeloossen an och nëmmen den nei geschafenen A2 administratif eranzehuelen. Dat kann een och novollzéien, well d'AGC vun Ufank un éischter op den administrativen Fonctionnaire gepolt war. Ech gesinn dat haut awer anescht! Et geet mir och gréisstendeels ëm den Prinzip. D'AGC ass hautzedags déi eenzeg Gewerkschaft vun all den B1 an huet sech och den A2 op den Fändel geschriwwen. An do gehéiert fir mech fir béid Gruppen den techneschen dobäi. Natierlech regroupéiert den B1 an den A2 technique vum Infirmier,

Informatiker bis den Ingénieur vill verschidden Beruffer. Mä firwat sollen mir déi net vertrieden kënnen? Plaz am Comité hätte mer suguer och nach. En fin de compte ass et wichteg fir iwwert d'Ënnerscheeder wegzekucken an d'Gemeinsamkeeten ze betounen. An ee Fonctionnaire B1 an A2 gehéiert ménger Meenung no an d'AGC. Et mussen an deem Kontext nach eng Rei Gespréicher geféiert ginn bis een un eng Statutenännerung kann denken. Duerfir wärd de Comité dëst Joer notzen an d'nächst Joer ëm dës Zäit wärte mer wëssen a wat fir eng Richtung den Wee geet.

Zum Schluss wëll ech awer nach op eppes ganz Flottes ze schwätzen kommen. Op der läschter Generalversammlung vun der AGC ass eng Iddi gebuer ginn déi sech an deem läschten Joer ganz gutt entwéckelt huet. Deemols hunn sech d'Gewerkschaften vun den 3 grousse Finanzverwaltungen, dat heescht d'AFEE, d'Douanesgewerkschaft an den SUID, dozou entschloss fir eng Zesummenarbecht an d'A ze faassen. E puer Méint mi spéit, fir genau ze sinn den 14. Juni 2022, ass dës Collaboratioun dann offiziell festgehale ginn an den jeeweilegen Verwaltungscheffen an der Madame Ministesch matgedeelt ginn. Als Member vum Comité vun der Douanesgewerkschaft sinn ech extrem frou fir do dierfen derbäi ze sinn. Mir verstinn eis richteg gutt an deem Grupp an ech sinn iwwerzeegt datt mer mëttel- an laangfristeg déi gesaten d'Ziler wärten erreechen. Natierlech gesinn ech dës Zesummenarbecht och ënnert dem Daach vun der AGC. Wann een bedenkt datt heiduerch méi wéi en Drëttel vun all den Memberen vun der AGC regroupéiert sinn, ass et kloer datt d'AGC och dovun profitéiert. Domadder gëtt d'Solidaritéit an d'Kollegialitéit an den Reien vun eiser Associatioun gestäerkt an dat ass enorm wichteg fir d'Zukunft vun der AGC. Et ass also an allen Hinsiichten eng super Saach! Ech wëll dann awer nach kloer soen, datt déi 3 concernéiert Gewerkschaften an hirer Zesummenarbecht op déi absolut Ënnerstëtzung vun der AGC kënnen zielen.

Zu gudder Läscht maachen ech wéi all Joer an och well mer 2 fräi Plazen an eisem Comité hunn den Opruff un all déi Leit sech ze mellen di Loscht hunn an der AGC matzeschaffen. Jiddereen ass wëllkomm a mir si frou iwwert jiddereen deen interesséiert ass bei eis am Comité derbäi ze sinn.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet!